# Parbréif

fir d'Par
**Äischdall-Helpert**
**St. Willibrord**

Wochen vum 3. Mäerz bis den 13. Abrëll 2025
N° 2/25 – Jg 8




Bild: Peter Weidemann / pfarrbriefservice.de

# Faaschtenzäit 2025


AERONAUTICA MILITARE
LIU•JO
GUESS
LA MARTINA
TRUSSARDI
FRED PERRY
LACOSTE
MEPHISTO
Timberland
NeroGiardini
GEOX
TED BAKER
LONDON
MK
MICHAEL KORS
www.maxpoint.lu
13 Rue d'Arlon L-8399 Windhof
Tél : 39 93 61
Nonnemillen Center
121 Route de Luxembourg L-6562 Echternach
Tél : 26 72 08 90
bratex.lu

# Pastoralekipp
# Equipe pastorale

---

# Parzenter – Centre paroissial

## 61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

☎ 20 80 02 60 aischdall-helpert@cathol.lu

**Permanence:** freides vun 13 bis 17 Auer

**Bürostonnen:**
Per Telefon ass de Büro d'ganz Woch iwwer ze erreechen.

(oder am beschten iwwer Email oder op Rendez-Vous)


Abbé **Joël Santer**, Paschtouer ☎ 26610403 joel.santer@cathol.lu
Abbé **Jos Halsdorf**, Diakon ☎ 20800260 jos.halsdorf@cathol.lu


**Telefon am Noutfall: ☎ 621966429**
z.B. bei engem Stierwfall, baussent de Bürostonnen.

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:
**28. Mäerz 2025 um 12 Auer!**


Parbréif 2/25 gët an enger Oploo vun 700 Stéck gedréckt.
www.gemeindebriefdruckerei.de (verwendetes Papier aus nachhaltiger Forstwirtschaft)

De nächste Parbréif N° 3/25 geet vum 14. Abrëll bis den 1. Juni 2025

**Impressum:**
Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord“
61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

**https://cathol.lu/aischdall-helpert**

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

# Zäit vun der Hoffnung

*Gedanken zur Faaschtenzäit 2025*

Als Kand war ech nie extra frou mat der Faaschtenzäit. An der Schoul huet d'Relliounsjoffer eis nogeluecht, op Séissegkeeten ze verzichten an Affer ze vollbréngen. Och an der Kierch war et eidel: keng Blummen, manner Käerzen, jo et war nët déi schéinsten Zäit.

Am Laaf vun Liewen hunn ech dës Zäit schätze geléiert, an ech freeë mech mëttlerweil op dës éischterlech Bousszäit. Et ass eng Zäit, an däer ech versichen, mech op dat Wesentlecht am Liewen ze besënnen. Dozou gehéiert och de Verzicht. Duerch de Verzicht op vill Saachen konzentréieren ech mech méi op dat Wichtegt: den Härgott. An ech versichen, munch Kurskorrekturen a menger Bezéiung zu him virzehuelen, sou wéi mer et op Äschermëttwoch gesoot kréien: „Bekéier Dech, a gleew un d'Evangelium."

An dobäi muss ee nët wäit siche goën, fir eis Relatioun mam Härgott nei auszeriichten. An déi huelen och mol nët vill Zäit ewech. Dräimol am Dag ee klengt Gebiet verrichten: mueres beim Opstoën, mëttes beim Iessen, owes virum Schloofen. Dat wier scho vill. Villäicht kann een och mol erëm zesumme bieden doheem, beim Iessen. Well, eis Kanner erliewen nët méi genuch, datt d'Gebiet och am alldeeglече Liewen eng Plaz kann hunn. D'Faaschtenzäit wier eng gutt Geleeënheet duerfir. Firwat nët och mol d'Bibel aus dem Regal huelen, an d'Sonndesevangelium nach eng Kéier noliesen (et kann een ët och freides am „Wort" noliesen)?

Et gi vill Geleeënheeten, wou mer iwwer eis Bezéiung zum Härgott nodenke kënnen. Dat soll déi éischterlech Bousszäit jo sinn: 40 Deeg Wellness mat Härgott (40 Deeg, ouni d'Sonndeger!). Notze mer déi 40-deegeg Faachtenzäit fir äis bannen a baussen gutt op d'Ouschterfest, d'Fest vum Liewen, virzebereeden. Natierlech

invitéieren ech Iech och op eis Gottesdéngschter, virun allem d’Sonndesmassen. D’Sonndesmass ass ee wichtege Moment an der Woch, déi mer äis scho gönnen sollten. Eng Stonn fir den Härgott: wou mer säi Wuert héieren, hiën an der Eucharistie begéinen, an dat nët alleng, mä an der Gemeinschaft.

Sou kann dës éischterlech Bousszäit och zu enger Zäit vun der Hoffnung sinn, eng Zäit vun der Besënnung. Hoffnung, well mer eisem Liewen erëm méi Bedeitung gi kënnen. Eng Hoffnung op ee gutt Liewen, ee bessert Liewen, well et vum Härgott erëm méi gedorë gëtt.

Ech wënschen Iech vu ganzem Häerz eng schéin a besënnlech Faaschtenzäit, mam Härgott sengem Seegen.

Abbé Joël Santer
Paschtouer





Bild: Sarah Frank | factum.adp / pfarrbriefservice.de

Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique
KIERCHEFONG

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# Conseil de la gestion paroissiale (CGP09)

Sehr geehrte Pfarrmitglieder,

Vor dem Jahresende haben wir Sie über die finanzielle Situation unserer Pfarrei zum 31. Oktober 2024 informiert. Auch hatten wir Ihnen mitgeteilt, dass die Verwaltung der Finanzen und der Immobilien der Pfarrei ab Januar 2025 durch den CCA (Cellule de Coordination et d'Assistance) erfolgt.

Mittlerweile hat der Kierchefong die Budgets unserer Pfarrei (CGP09 und Kirchenfabriken) erstellt, und wir möchten Ihnen gerne Eckdaten dieser Budgets mitteilen.

Obwohl es noch die verschiedenen Kirchenfabriken in unserer Pfarrei gibt, betrachten wir in Zukunft immer öfter die Einnahmen und Ausgaben aller Kirchenfabriken auf der Ebene des CGP09. So ist zu beachten, dass die Kollekten der verschiedenen Kirchenfabriken ab Januar 2025 gesammelt und zentral auf das Konto des CGP09 überwiesen werden.

Unsere Pfarrei besitzt diverse Einnahmequellen: Miet- und Pachteinnahmen, Zinsen auf Darlehen und Bankkonten, Kollekten und Spenden, zusätzlich eventuelle Einkünfte aus der Veräußerung von Immobilien. Diverse Kirchenfabriken der Pfarrei haben jedoch leider de fact weder Mieteinnahmen oder Zinserträge, noch Pachteinnahmen. Sie können sich also ausschließlich aus Spenden, Zinserträgen und Kollekten finanzieren und sind somit auf zusätzliche Unterstützung der Pfarrei angewiesen.

Die Ausgaben der Pfarrei betreffen: Mieten der Kirchen, deren Unterhalt (Strom, Heizkosten, Reinigung, Reparaturarbeiten …), kleinere

Investitionen, Gehälter. Außerdem muss jede Pfarrei sich an bestimmten Funktionskosten des Kierchefong beteiligen: Versicherungsprämien, Grundsteuern, Auditgebühren, diverse externe Beratungshonorare usw.

Die Budgets der verschiedenen Kirchenfabriken und des CGP09, wie sie vom CCA erstellt und vom Verwaltungsrat des Kierchenfong genehmigt wurden, ergeben für 2025 folgende Resultate :

- FE25 Bissen: € - 46.960.-

  Es ist hervorzuheben, dass die Messkollekten der KF Bissen - sowohl hier wie bei den anderen KF- nicht in Rechnung gestellt wurden, sondern dies auf Ebene des CGP 09 erfolgt ist. Außerdem wurden Reparaturarbeiten für das Dach der Kapelle auf dem „Wobierg“ für €32.000 veranschlagt. Bissen besitzt sehr geringe Pacht und Zinseinnahmen.

- FE28 Saeul: € + 5.781.-

  In Saeul haben wir Dank der Miet - und Pachteinnahmen und der eingeschränkten Benutzung der Basilika wieder ein positives Ergebnis. Auch wird ab März dieses Jahres die Kapelle in Calmus an die Gemeinde Saeul zurückgegeben, so dass wir die Kosten für Unterhalt weiterhin senken können.

- FE29 Habscht: € - 6.766.-

  In Habscht haben wir trotz Mieteinnahmen und Zinserträgen von insgesamt €35.899 ein negatives budgetäres Ergebnis . Die Unterhaltungskosten der dortigen Kirchen sind erheblich, aus diesem Grunde wurde ab Weihnachten die Sonntagsmesse ausschlieslich in Habscht gefeiert.

FE26 Helperknapp: € + 17.043.-

- Pacht und Zinserträge belaufen sich auf €55.781. Miete und laufende Kosten der kirchlichen Gebäude auf €38.738.

CGP09: € - 72.236,00,-

- Die Gesamteinnahmen des CGP09 wurden auf €95.530 geschätzt. Diese betreffen Einkünfte sämtlicher Kirchenfabriken: Spenden (€20.000), Messkollekten (€30.000), Messen (€10.000), Zinsen (€30.530),Werbung Pfarrblatt (500) und Verschiedenes (€4.500) . Diesen Einnahmen stehen Gesamtausgaben von €167.766 gegenüber. Die Kosten betreffen: Miete des Pfarrzentrums, Ausgaben für Pastoral, Messen, Bücher, Informatik, Lizenzgebühren, Gehälter, kleinere Anschaffungen, Material, Sekretariat usw.

Fazit: die Ausgaben der Pfarrei insgesamt werden auch dieses Jahr die Einnahmen übersteigen und dies, obwohl wir die Nutzung verschiedener Kirchen eingeschränkt haben und wir ab März die Kapelle in Calmus an die Gemeinde Saeul zurückgeben. Wir kommen also nicht umhin, weitere Sparmassnahmen zu suchen, die es uns erlauben, unsere Ausgaben noch besser in den Griff zu bekommen.

Wir haben diesbezüglich schon Erfolge erreicht, aber die schwindende Zahl unserer Kirchengänger bewirkt leider, dass bei gleichbleibenden oder steigenden Kosten, es ohne weitere zusätzliche unerwünschte Schließungen von kirchlichen Gebäuden in naher Zukunft sehr schwer sein wird, einen ausgeglichenen Haushalt der Pfarrei zu erreichen. Es lohnt und rechnet sich nicht mehr in jedem Dorf eine Kirche zu haben, wenn es dort kaum Kirchbesucher gibt. Setzen wir unsere Mittel da ein ,wo es Sinn macht.

Seien Sie versichert, dass wir bemüht sind, unsere Kosten unter Kontrolle zu haben und versuchen, möglichst in jeder Gemeinde der Pfarrei, eine funktionstüchtige Kirche aufrechtzuerhalten.

Bruch, im Februar 2025

Claude Faber
Präsident

# Gottesdéngschtuerdnung

**fir d'Wochen vum 3. Mäerz bis den 13. Abrëll 2025**

Méindeg, 03.03.25

09:00 **Téinten:** Mass fir d'Verstuerwen vun der Famill Meiers-Schmitz.

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedungsowend.

Dënschdeg, 04.03.25 (Hl. Kasimir, + 1484)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Feidt.

Mëttwoch, 05.03.25 **Ufank vun der éischterlecher Bousszäit (Faaschtenzäit)**

## Äschermëttwoch

**Faascht- an Abstinenzdag**

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

19:00 **Bruch:** Gemeinschaftsmass zum Ufank vun der Faaschtenzäit **– mat Ausdeelen vum Äschekräiz** – op Meenung (M10).

Donneschdeg, 06.03.25 (Hl. Fridolin vu Säckingen, + 6./7. Jht)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass fir Nic Hahn.

18:30 **Bëschdref:** Mass fir kierchlech Beruffer.

Freideg, 07.03.25 Hl. Perpetua an hl. Felizitas, + 203

Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Aloyse Liefgen. Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).



15:00 **Bruch:** Kräizweegebiet an der Faaschtenzäit.

16:30 **Äischen:** Daffeier fir Alexien Emile Lentz.

Samschdeg, 08.03.25 (Hl. Johannes vu Gott, + 1550)

16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet / Confessions.

# 1. Sonndeg an der Faaschtenzäit C

„Invocabit" – (Buergsonndeg)

Samschdeg, 08.03.25

18:00 **Biissen:** Virowendmass als Joermass fir Paul Dasbourg / Joermass fir Jean Klos / fir Jean-Marie Bock a fir Jeanne Leysen.

Sonndeg, 09.03.25

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass fir Aloyse Neu.

10:00 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-2 & CATE-3).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / 6. Wochemass fir Norbert Conter / 6. Wochemass fir Georges François.

11:45 **Bruch:** Kannermass op Meenung (M11).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 10.03.25

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Dënschdeg, 11.03.25

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Mëttwoch, 12.03.25

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 13.03.25

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

Haut ass den 12. Joresdag vun der Wiel an den 19. Mäerz de Joresdag vum feierlechen Ufank vum Pontifikat vum Poopst Franziskus (2013).

Freideg, 14.03.25 (Hl. Mathilde, + 968)
15:00 **Bruch:** Kräizweegebiet an der Faaschtenzäit.

Samschdeg, 15.03.25 (Hl. Klemens Maria Hofbauer, + 1820)
09:00 **Bruch/Parzenter:** Éischtkommiounskatechees (CATE-KO).
14:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (CATE-Bambini).
14:30 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-1).
16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet / Confessions.



Bild: Martin Manigatterer / pfarrbriefservice.de

## 2. Sonndeg an der Faaschtenzäit C

„Reminiscere" – (Bounesonndeg)

Samschdeg, 15.03.25

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Josette Heck-Bosseler / 6. Wochemass fir Francine Kayl-Ley / fir Aloyse a Pauline Assa-Wagner / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Guil Feith-Collé.

Sonndeg, 16.03.25

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M12).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Kannermass als Joermass fir Abbé Arsène Braun.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

18:30 **Bruch:** Andacht zur Éier vum hellege Jousef.

*Kollekt fir déi sozial Wierker vun der Äerzdiözees!*

Méindeg, 17.03.25 (Hl. Patrick, + ëm 461 & Hl. Gertrud vu Nivelles, + 659)

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M13).

19:30 **Bruch/Parzenter:** Generalversammlung vun de „Massendénger Äischdall-Helpert a.s.b.l.".

Dënschdeg, 18.03.25 (Hl. Cyrill vu Jerusalem, + 386)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Stëftung fir Hilda a Julie Koedinger.

18:30 **Biissen:** Andacht zur Éier vum hellege Jousef.

Mëttwoch 19.03.25 **Héichfest vum hellege Jousef**

09:00 **Bruch:** Laudes a Festmass op Meenung (M14).

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

18:00 **Bruch/Parzenter:** Gesangsprouw „Willibrordussingers".

Donneschdeg, 20.03.25

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“:** Mass als Stëftung fir d’Verstuerwen vun der Famill Winandy-Boden.

Freideg, 21.03.25

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir d’Verstuerwen vun der Famill Theis-Liefgen.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

15:00 **Bruch:** Kräizweegebiet an der Faaschtenzäit.

Samschdeg, 22.03.25

14:30 **Bruch/Parzenter:** Jugendkatechees (CATE-4).

16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet / Confessions.



Jousefsstatu an der Nikloskierch zu Habscht
Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

## 3. Sonndeg an der Faaschtenzäit C

„Oculi" – (Krounesonndeg)

Samschdeg, 22.03.25

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir d'Verstuerwen vun der Famill Mersch.

Sonndeg, 23.03.25

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M14).

10:00 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-2 & CATE-3).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Kannermass fir d'Verstuerwen vun der Famill Santer-Liefgen a fir Abbé Paul Emeringer.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

18:30 **Habscht:** Vesper vum 3. Faaschtesonndeg.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 19:30 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 24.03.25

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M15).

Dënschdeg, 25.03.25

**Héichfest vun der Verkënnegung vun eiser Här Jesus Christus**

18:00 **Säll:** Festmass als 6. Wochemass fir Alphonse Welfring.

Mëttwoch, 26.03.25

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

**19:00 Bruch/Parzenter:** Dekanatsversammlung zum Thema „Glawen liewen – Glawen erliewen. Am Joer vun der Hoffnung, frou op dem Wee no vir…".

Donneschdeg, 27.03.25

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M16).

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 28.03.25

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Abbé Ferdy Fischer.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

15:00 **Bruch:** Kräizweegebiet an der Faaschtenzäit.

Samschdeg, 29.03.25

14:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (CATE-Bambini).

14:30 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-1).

16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet / Confessions.



Rosa Massgewand fir Halleffaaschten
Foto: Sylvio Krüger / pfarrbriefservice.de

# 4. Sonndeg an der Faaschtenzäit C

„Laetare" – (Halleffaaschten – Bratzelsonndeg)

Samschdeg, 29.03.25

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Jean-Marie Bock a fir Jeanne Leysen.

**An dëser Nuecht gëtt d'Auer eng Stonn virgestallt!**

Sonndeg, 30.03.25

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass als 6. Wochemass fir Albert Olinger.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Kannermass op Meenung (M16) – mat Daffeier fir Jang Wester a fir Liam Lourenço Godinho.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

18:30 **Bruch:** Vesper vum 4. Faaschtesonndeg.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 20:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 31.03.25

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M31).

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedungsowend.

Dënschdeg, 01.04.25

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir Paul Reiter (ausgef. 21.01.).

17:00 **Habscht:** Krankesalbungsfeier fir eis eeler a krank Matmënschen.

Mëttwoch, 02.04.25

16:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

17:00 **Bruch:** Krankesalbungsfeier fir eis eeler a krank Matmënschen.

18:00 **Bruch/Parzenter:** Gesangsprouw „Willibrordussingers".

Donneschdeg, 03.04.25

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M18).

18:30 **Bëschdref:** Mass fir Finny Cler-Tonnar.

<u>Freideg, 04.04.25</u> <u>Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)</u>

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (JS).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).
15:00 **Bruch:** Kräizweegebiet an der Faaschtenzäit.



<u>Samschdeg, 05.04.25</u>

16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet / Confessions.




Foto: Klaus Herzog / pfarrbriefservice.de

# 5. Sonndeg an der Faaschtenzäit C

„Judica" – (Ellesonndeg)

Samschdeg, 05.04.25

18:00 **Biissen:** Virowendmass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Howald-Schoetter an Howald-Lorang.

Sonndeg, 06.04.25

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass als Joermass fir eise fréiere Paschtouer, de Pater Paul Birsens scj.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir d'Faaschtenaffer „partage.lu"!*



Méindeg, 07.04.25

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Dënschdeg, 08.04.25 Hl. Johannes Baptist de la Salle, +1719

*Kee Gottesdéngscht aneiser Par!*

Mëttwoch, 09.04.25

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 10.04.25

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“:** Mass op Meenung (M19).

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d’Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 11.04.25 Hl. Stanislaus, +1079

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M20).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

15:00 **Bruch:** Kräizweegebiet an der Faaschtenzäit.

17:00 **Biissen:** Krankesalbungsfeier fir eis eeler a krank Matmënschen.

Samschdeg, 12.04.25

16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet / Confessions.



Foto: Sylvio Krüger / pfarrbriefservice.de

### Ufank vun der Karwoch

# Pällemsonndeg C

**Anzuch vun eiser Här Jesus Christus an d'Stad Jerusalem**

Samschdeg, 12.04.25
18:00 **Biissen:** Virowendmass mat Pällemwei op Meenung (M21).

Sonndeg, 13.04.25
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass mat Pällemwei op Meenung (M22).
10:30 **Bruch:** Houmass mat Pällemwei op Meenung fir d'Par.
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

# Boussfeier

## als Virbereedung op Ouschteren

Karméindeg, de 14. Abréll 2025
um 18:30 Auer
an der Parkierch zu Bruch

(mat Méiglechkeet zum Empfang vum Beichtsakrament no der Boussfeier)

Eng meditativ Feier fir Nozedenken a sech nei vis-à-vis vum Härgott opzestellen. Häerzlech Invitatioun!

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# Invitatioun

**fir all eeler a krank Matmënschen aus der Par
als Virbereedung op Ouschteren**

## op eng Krankesalbungsfeier

- Dënschdeg, den 1. Abrëll um 17:00 Auer an der Kierch zu Habscht.
- Mëttwoch, den 2. Abrëll um 17:00 Auer an der Parkierch zu Bruch.
- Freideg, den 11. Abrëll um 17:00 Auer an der Kierch zu Biissen.
- Gréngendonneschdeg, de 17. Abrëll um 10:30 Auer an der Seniorenresidenz „Am Park“ zu Biissen.

Häerzlech Invitatioun un all déi, déi séilesch a kierperlech nët esou gutt drop sinn. Den Härgott hëlleft hinnen, hier Laascht ze droën.

# Aus eiser Par...

## Fir eis Koschteren & Blummenekippen:

An der Faaschtenzäit sollen eis Kierchen a Kapellen **NET** mat Blummen a Blummestäck dekoréiert ginn, fir de Bousscharakter vun der Faaschtenzäit ze ënnersträichen. Ëmsouméi kommen dann fir d'Ouschterzäit d'Blummen an d'Freed vun der Opersteeung zur Geltung!

De ganze Mount Mäerz iwwer kann oder soll **d'Statu vum hellege Jousef** (falls eng an der Kierch ass) ervirgehuewe ginn. Do däerf him zur Éier roueg eng Blumm derbäistoen. Et ass eng gudd, aal Traditioun, den hellege Jousef a sengem Mount Mäerz ze veréieren. Als Mann vun der Gottesmamm Maria an als Pfleegepapp vum Jesus spillt hien eng grouss Roll an der Kierch. Hië gëtt als Schutzpatréiner vun der Kierch ugeruff, a vill Leit bieden zu him fir eng gutt Stierwstonn.

Eis Blummenekippen géifen sech sëcher och am Laaf vum Joer iwwert ee klenge Don freeën! Bedenke mer, dass si vill Zäit dora stiechen, eis Kierchen ze dekoréieren, an oft stieche si och selwer Suën drann. Et wier ee schéine Gest, wa mer hier Aarbecht respektéieren an hinnen daat och weisen.

## Beichtgeleeënheet an der Faaschtenzäit:

Während der Faaschtenzäit gëtt samschdes um 16:30 Auer an eiser Parkierch d'Méiglechkeet ugebueden, d'Sakrament vun der Verséhnung ze empfänken. Natierlech kënnen an deenen anere Kierchen och vir oder no de Massen dëst Sakrament ampfaange ginn, Och op Rendez-Vous si Beichtgespréicher méiglech. Dir braucht Iech just beim Paschtouer an der Sakristei ze mellen.

## Krankebeicht & Krankekommioun:

Gäre komme mir bei déi Krank heem fir een Hausbesuch, oder och fir d'Krankekommioun, d'Krankesalbung oder d'Krankebeicht. Zéckt nët, bei eise Geeschtlechen oder am Parsekretariat no engem Rendez-Vous ze froën.

Och an der Seniorenresidenz „Am Park" zu Biissen geet den Här Paschtouer donneschdes, wa Mass ass, mat der Krankekommioun bei d'Pensionären an d'Zëmmer. Wa weider Leit interesséiert sinn, sech einfach an der Rezeptioun oder am Parsekretariat umellen.

An der Faaschtenzäit gëtt och d'Krankesakrament a verschiddene Kierchen an eiser Par gespend. Kuckt einfach bei der Gottesdégnschtuerdnung no.

## Kräizwee an der Faaschtenzäit:

Während der Faaschtenzäit gëtt freides um 15 Auer an eiser Parkierch de Kräizwee gebiet. Häerzlech Invitatioun un all déi, déi de leschte Wee vum Jesus betruechten wëllen.

## Massintentiounen an de Kierchen:

Et ass och weiderhi méiglech, an **alle** Kierchen Massen ze bestellen. Et ass **falsch**, wéi oft behaapt gëtt, datt nëmmen nach an dräi Kierche Masse gefeiert ginn. Mir hunn äis sonndes op dräi Kierche beschränkt aus finanziellen, personnelle a communataire Grënn. Et stellt sech leider och d'Fro vun der Rentabilitéit op allen Ebenen. De facto si keng Commauntéite méi do, déi de Sonndeg als klengt Ouschterfest zesumme feieren. D'Demande ass einfach ganz kleng ginn, op ville Plazen ginn och keng Masse méi bestallt. An alle Kierchen aus eiser Par kënne vu méindes bis samschdes Masse gefeiert ginn, wann de Wonsch do ass, fir an der Commauntéit Eucharistie ze feieren. Mellt Iech am Parsekretariat fir all Ufro an all Massebestellung.

# Gebet zum heiligen Josef

**Papst Leo XIII. (1819 – 1903+)**

Bei dir, heiliger Josef, / suchen wir Zuflucht. / Wir haben deine heiligste Braut um Hilfe angefleht / und bitten nun vertrauensvoll / um deinen väterlichen Schutz.

Um der Liebe willen, / die dich mit der unbefleckten Jungfrau und Gottesmutter verbunden, / um der väterlichen Liebe willen, / mit der du das Jesuskind umfangen hast, / bitten wir dich flehentlich: / Schau gütig herab auf die Kirche, / die Jesus Christus durch sein Blut sich erworben hat, / und komm unseren Nöten durch deine Macht zu Hilfe.

Du hast in treuer Sorge gewacht über die heilige Familie; / schütze nun auch die auserwählten Kinder Jesu Christi. / Liebreicher Vater, halte fern von uns jede Ansteckung durch Irrtum und Verderbnis. / Du starker Beschützer, / steh uns vom Himmel aus gnädig bei / in unserem Kampf gegen die Mächte der Finsternis.

Wie du einst das Jesuskind aus höchster Lebensgefahr gerettet hast, / so verteidige jetzt die heilige Kirche Gottes / gegen alle Nachstellungen ihrer Feinde / und gegen jede Widerwärtigkeit.

Jeden von uns aber / nimm unter deinen beständigen Schutz, / damit wir nach deinem Beispiel / und mit deiner Hilfe / heilig leben, / gut sterben / und die ewige Glückseligkeit im Himmel erlangen. / Amen.

**Invitatioun un all déi Interesséiert**
aus de Paren vum Dekanat Zentrum

## Glaawen liewen, Glawen erliewen

Am Hellege Joer vun der Hoffnung,
frou op dem Wee no vir ...

De 26. Mäerz 2025 vun 19.00 bis 21.00 Auer organiséiert d'Dekanat « Zentrum » eng **Dekanatsversammlung zu Brouch** am Parzentrum niewt der Kierch. Mir schwätzen iwwert eise Glawen a seng Zukunft an der Kirch zu Lëtzebuerg.

**Jiddereen ass wëllkomm.**

Mëllt lech w.e.gl. un, bis den 24. März 2025,
entweder bei dem Curé-modérateur vun ärer Par oder beim
Dechen Jean-Jacques Flammang e-mail: jjf@scj.lu - Telefon: 661 746852. Merci.

**Invitation à tous les intéressés**
des paroisses du doyenné « Zentrum »

## Vivre et partager la foi


Pendant l'année sainte 2025
soyons des pèlerins joyeux de l'espérance...

Le 26 mars 2025 aura lieu de 19.00 à 21.00 heures au Centre paroissial de Brouch, près de l'église paroissiale, **une assemblée décanale** organisée par le doyenné « Zentrum » .
Thème de l'assemblée: la foi et son avenir dans l'Eglise de Luxembourg.

**Tous le monde est bienvenu.**

Inscrivez-vous, s.v.pl. jusqu'au 24 mars 2025
auprès du curé-modérateur de votre paroisse ou bien auprès du
curé-doyen Jean-Jacques Flammang e-mail: jjf@scj.lu - Telefon: 661 746852. Merci.


Par Äischdall-Helpert St-Willibrord



St. Willibrord Äischdall-Helpert

# https://cathol.lu/aischdall-helpert

**Op eiser Homepage fannt Dir ëmmer déi aktuellst Neiegkeeten aus eiser Par!**



Par Äischdall-Helpert St-Willibrord






SOPINOR CONSTRUCTIONS SA

CAP Construction
Art et Pavés · Groupe SOPINOR

SOPI THERME
CHAUFFAGE / SANITAIRE / VENTILATION

SOPI FAÇADES
FAÇADES / PARACHÈVEMENT

## Conception et maîtrise de votre projet, construction et rénovation, clefs en main!

L'entreprise SOPICONCEPT SA, entreprise luxembourgeoise, dynamique qui tient sa force de sa pluri discipline dans les différents travaux qu'elle a à sa charge.

Depuis la création de l'entreprise en 2015, nous collaborons sur des travaux d'envergure et de typologies diverses alliant le savoir-faire interne au groupe SOPINOR, et de toutes les sociétés du groupe avec qui nous maîtrisons 70 % des travaux en interne.

Ensemble, au travers d'un parc matériel important (camions, camionnettes, chargeur etc…), de la présence de près de 500 collaborateurs riches en expériences allant du terrassement aux finitions et aux divers travaux de gros œuvres

SOPI CONCEPT

CONSTRUCTION / RENOVATION

info@sopiconcept.lu / Tel: +352 26.57.80-1
70 , Z.I. Um Monkeler L-4149 Schifflange

**www.sopiconcept.lu**

El Payador

RESTAURANT
SUDAMERICANO

2, rte. de Finsterthal
L-7769 Bissen

Tel: 26885135
Fax: 26887235

www.elpayador.lu - info@elpayador.lu



*Restaurant-Brasserie*
*Am Hennesbau*
*15 c rue de la Fail*
*L-9175 Niederfeulen*
Tel.: 26 90 45 77 ou
info@deklautjen.lu

# Hélène Grober

Depuis 30 ans déjà !

Agence immobilière s.à r.l.

www.immo-grober.lu - Tél.: 40 97 90







**Mir sichen och Terrain'en, Appartementer an Haiser (al oder rezent) fir direkt ze kafen. Ouni Käschte fir de Verkeefer.**

**Tél.: 40 97 90**

**Autres projets en vente ou à venir* :**

**BELVAUX (6 maisons) – EISCHEN* (Appartements)**
**LEUDELANGE* (2 maisons) – HAGEN* (2 maisons)**

… et beaucoup d'autres objets en vente ou en location à découvrir sur www.immo-grober.lu

SERVICE RAPIDE ET SOIGNE | DEPUIS 1992 ANS A L'ECOUTE DU CLIENT


Wagner
pompes funèbres
Tél : 32 92 27 (24/24)
45, rue Principale
L-7595 Reckange/Mersch
pfwagner@pt.lu
Au service des défunts et de leurs familles en deuil
24/24 heures pendant toute l'année
• Grande et nouvelle exposition permanente de cercueils et d'urnes en toutes catégories de prix
• Mise en bière des défunts en toute dignité et en respect de la famille et des alliés
• Réalisation de toutes démarches et formalités administratives et techniques
• Transports nationaux et internationaux
• Incinération sans adhérence à une société
• Fleurs et accessoires